



En Donneschdeg, den 22. Februar 2024, war ëm 14:00 Auer déi lescht Gemengerotssitzung.

### **1. Approbation d'un acte notarié**

Mat der Famill Roland-Rodesch ginn um Eck vun der Rue des Jardins mat der Rue de la Chapelle ganz kleng Parzelle getosch. D'Famill bezilt hefir eng Soulte vun 330 Euro.

### **2. Morcellement d'un terrain**

D'Parzell 1573/3467 an der Route de Finsterthal gëtt an 2 Lots opgedeelt, emol 22,17 Ar an emol 54,10 Ar.

### **3. Approbation d'une convention**

Mam Forum pour l'emploi gëtt eng Konventioun ofgeschloss. Dës Konventioun erméiglecht et, weiderverwäertbar Becheren a Glieser fir d'Fester vun der Gemeng ze léngen an ze wäschen. Wéiwäit d'Veräiner vun dëse Becheren a Glieser profitéiere kënnen, muss nach geklärt ginn.

D'Gemeng muss hefir en «Droit d'entrée unique » vu 5.000 Euro bezuelen an dono all Joer e Forfait vun engem Euro pro Awunner. Zousätzlech gëtt pro Becher folgenden Tarif fälleg:

- Becher 0,25 l	0,12 EUR
- Becher 0,33 cl	0,12 EUR
- Wäiglas	0,15 EUR
- Schampesglas	0,15 EUR

### **4. Règlement-taxe portant fixation des prix d'entrée lors de manifestations organisées par la commune**

An engem Reglement gëtt festgeluecht, wéivill Entrée d'Participant bei verschiddene Gemengemanifestatioune bezuele mussen:

- Zirkus ZappZarap	5,00 EUR fir déi Erwuessen gratis fir d'Kanner
- Déplacement mam Bus	30,00 EUR
- Déplacement mam Bus a mat lessen	40,00 EUR
- Visit Luxembourg	25,00 EUR

- Ausflich Sport- a Jugendkommissioun 30,00 EUR
- Biisser Rallye 5,00 EUR Aschreiwung pro Persoun
- TerraBis 10,00 EUR fir déi Erwuessen  
5,00 EUR fir d’Kanner vun 12-18 J.  
gratis fir d’Kanner bis 12 Joer
- Manifestatioune Sportskommissioun 10,00 EUR fir d’Mannerjäreg  
15,00 EUR fir d’Erwuessen
- Manifestatioune Kulturkommissioun 10,00 EUR fir d’Mannerjäreg  
15,00 EUR fir d’Erwuessen

## **5. Approbation d’un règlement de circulation**

Zënter dem 5. Februar 2024 schafft d’Creos un hire Leitungen an der Route de Colmar tëschent der Firma Thilman & Fils an der Biisser Millen. Op der Biisser Mille gëtt och en Traffo opgeriicht.

## **6. Remboursement de l’emprunt engagé par le SEBES pour le compte du SEC**

Am Joer 2021 hat de Waassersyndicat SEBES (Syndicat des eaux du barrage d’Esch-sur-Sûre) en Emprunt opgehol. De Waassersyndicat SEC (Syndicat des eaux du Centre) huet elo decidéiert, hiren Deel vum Emprunt virzäiteg zrëckzebezuelen. Dat mécht fir d’Biisser Gemeng en eemolege Montant vun 49.072 EUR.

## **7. Désignation temporaire d’un local de réunion du conseil communal**

Zënter dem 1. Abrëll 2023 sinn d’Gemengerotssitzungen am Festsall vum Veräinshaus. Et war awer deemools vergiess ginn, fir ze betounen, datt dat nëmmen temporär wär, nämlech bis zum Fäerdegstelle vum Neibau vun der Biisser Gemeng op der Place de l’Immigratioun. Dës Präzisioun gëtt elo nogereecht, fir konform zum Gesetz ze sinn.

## **8. Approbation de plusieurs contrats de bail**

- D’Gemeng verpacht 2 Agrarflächen um « Viichterwee » (Deeler vun de Parzellen 245/3300 an 229/3091) un de Biisser Bauer Romain Klos (Pachtpräis 3,00 EUR pro Ar).
- D’Haus 20 rue des Moulins verlount d’Gemeng u säi fréiere Proprietär (Famill Schanen-Weis). De monatleche Mietpräis ass 1.100 EUR.
- D’Haus 1 rue des Moulins verlount d’Gemeng un d’asbl Gutt Wunnen. De monatleche Mietpräis ass 1.100 EUR. Dës Associatioun kann elo d’Haus u bedürfteg Leit weiderverlounen.

## **9. Approbation de plusieurs contrats de travail**

- Als Nofollger vum Patrick Rotili fänkt den 1. Mäerz 2024 den Här Claude Wetz vu Mëtsched als Aarbechter am Service Voirie un.
- Am nei geschafene Service Conciergerie fänken den 1. Abrëll 2024 d'Madame Diliana Delvaux vum Äischen an den Här Mike Reding vu Biissen un.

## **10. Approbation de statuts**

D'Statute vun 2 Veräiner goufen zur Kenntnis geholl:

- Fallen Lies (Gestioun vum Museksgrupp Fallen Lies an Organisatioun vu Concerts);
- SweetSpot (Organisatioun vun Evenementer an de Beräicher Videospiller, Tabletop Games a Cosplay Shows).

## **10. Approbation d'un devis supplémentaire**

Nodeems de Gemengerot a senger leschter Sitzung en Devis zu enger hydraulischer Etude vun der Atert gestëmmt huet, koom d'Waasserwirtschaftsamt op Iddi zousätzlech 2,5 Kilometer Waasserlaf an d'Etude ze integréieren. Dat kascht d'Gemeng ronn 10.000 Euro méi. Dës Etude gëtt vum Staat subventionéiert.

## **11. Questions des conseillers communaux**

Op Nofro vun der CSV-Fraktioun huet de Schäfferot confirméiert, datt d'Aféiere vun der Community-App HOPLR studéiert gëtt. Vu datt keng Sue fir dës App am Gemengebudget fir d'Joer 2024 ageschriwwen ginn, wäert et frëhestens Enn 2024 zu dëser Aféierung kommen.

D'CSV-Fraktioun huet och nogefrot, wat et mam Artikel op rtl.lu zu enger Verschmutzung vun enger Baach zu Biissen op sech hat. Et war d'Rädelsbaach an dës Baach mécht d'Grenz tëschent Biissen a Colmer-Bierg. Et war keng "richteg" Verschmutzung, mee éischter e Schaum vu Shampooing. D'Waasserwirtschaftsamt huet net erausfonnt, wéi schlussendlech fir dëse Schaum verantwortlech war.